

Caeciliefier den 21. November 2014 am „Girassol“

Themen an deser Nummer :

- Caeciliefier 2014
- Benni Schmit †
- An eegener Saach
- Aktivitéiten & Concert-ën 2015
- Verkaf CD
- AG 2015
- Impressum
- Contact



D'Sonia krut e Gielche fir 20 Joer Aktivitéit vum Här Gilbert Girsch (2. Vize-President UGDA) iwwerrecht.



Den 1. Februar krute mir d'Nochricht, datt de Benni Schmit gestuerwen ass. De Benni war eisen déngschteelsten Accordeonist, 2012 krut hien e Gielche vun der UGDA fir 40 Joer Aktivitéit.

Mir hunn hien appreciéiert als een, deen disponibel an hellefsbereet senge KollegInnen zur Säit stoung.

Hien ass op all neie Member an eisem Veräin duer gaangen, esou datt dee sech direkt "à l'aise" gespuert huet. Sāi musikalescht Kënnen huet hien an den Déngscht vun der SMAL gesat, a méi wéi ee vun eisen Accordeonisten huet niewent him déi néideg Sécherheet kritt, fir seng Stëmm ze léieren a gudd ze spillen.

Mir vermëssen de Benni, sāi Laachen a seng Schnoken, a mir erënneren äis gären u lëschtteg Szenen an de Prouwen a bei de Concert-ën mat him a mam Félix .

Benni, Du bleif s an eiser Mëtt, an all Prouf an op all Concert. Mir wäerten Dech ni vergiessen.

An eegener Saach ...

Mir sichen Accordéonisten, déi no regelméissege Prouwe gäre bei eise Concerté matspillen an och soss d'Gesellschaft an enger lëschtteger Equipe genéissen.

Interesséierter kommen eng Kéier Mëttwochs an d'Prouw kucken: Hal Victor Hugo um Lamperberg, rechts niewt der Rotonde eran an dann um éischte Stack am Gank hanne rechts.

Nous accueillons volontiers les accordéonistes désireux d'intégrer notre orchestre pour participer aux répétitions hebdomadaires et aux concerts durant les saisons. Intéressé(e)? Venez nous rencontrer pendant une répétition au Hal Victor Hugo à Lux.-Limpertsberg; entrée à droite de la Rotonde, au 1er étage la dernière pièce à droite du couloir.

**SOCIÉTÉ MUNICIPALE DES
ACCORDÉONISTES DE
LUXEMBOURG (SMAL)**

CONTACT SMAL :
President R. Mahnen
Tél. +352 40 39 94
Dirigent R. Kraus
Tél. +352 50 15 06

Redaktioun
 « d'Quëtschbloder » :
 Danielle Ludwig
 Luxembourg-Bonnevoie
 e-mail (privat):
 danielle.ludwig@gmx.net
 e-mail SMAL :
 Accordeon_SMAL@gmx.net



Aktivitéite vun der SMAL :

08.03.2015 - 15h30	Concert – Maisons de soins « Op Lamp » Wasserbillig, Rue des Romains 7
19.04.2015 - 15h00	Concert – CIPA « Geenzebléi » Wiltz, Rue des Pêcheurs n° 1
26.05.2015	Sprangprëssësioun / Procession dansante Echternach
13.06.2015	Concert - Mammendagsfeier CTF Remich, Jousefshaus, rue de l'Hospice n° 4
04.10.2015 - 15h00	Concert – Hauptmann's Schlass Berbourg, Broucherstrooss n° 4
08.11.2015 - 14h30	Journée Nationale de l'Accordéon

Bestellt en CD mat der Opzeechnung vun eisem Concert den 8.02.14 am CHdN, andeems Dir 18 € (CD+Porto) op de CCPL vun der SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000 iwwerweist. Dir kritt den CD dann heem geschéckt.

Commandez le CD avec l'enregistrement de notre concert du 8.02.14 au CHdN en effectuant un virement de 18 € (CD+frais de port) au CCPL de la SMAL IBAN LU34 1111 0103 9920 0000. Le CD vous sera envoyé à domicile.

www.accordeon.lu

**25.02.2015: Generalversammlung -
assemblée générale**

No enger Gedenkminutt fir de Benni gouf de Bilan vun engem aarbechtsräiche Joer gezunn: 12 Concert-ën, d'Sprangprëssësioun zu lechternach, 39 Prouwen. De Comité war 8 Mol zesummen.

D'Keess gouf exemplaresch gefouert an d'Finanze si méi wéi gudd. Dofir denkt de Comité iwwert eng Proposition no, fir e ganzen Dag zesummen ze verbréngen (Trëppeltour, Mëttegiessen,...). Fir äifrege Prouwebesuch kréien d'Rosa, de Vic., d'Jenni, d'Irène an de Guy eng kleng Unerkennung. D'Monique Simon gëtt per Acclamatioun an eestëmmeg an de Comité gewielt. No engem Ausbléck op d'Termäiner vun 2015 goug nach rieds vun enger Neifassung vun de Veräinsstatuten, déi an enger neier AG gestëmmt an duerno publizéiert ginn.

